

Gemengewalen

Zu Lëtzebuerg sinn all sechs Joer Gemengewalen. Déi nächst Wale sinn 2023.

D'Bierger wíelen de Gemengerot an allgemengen an direkte Wale. De Gemengerot setzt sech aus 7 bis 19 Memberen zesummen, jee no Gréisst vun der Gemeng. Eenzeg Ausnam ass d'Stad Lëtzebuerg mat 27 Gemengeréit.

D'Membere vum Gemengerot sinn zoustänneg fir d'Politik op lokalem Plang. De Gemengerot hält Decisiounen zu allem, wat d'Gemeng betrëfft, wéi zum Beispill der Flächennotzung an dem Wunnengsbau, der Organisatioun vun der Grondschoul a vun den Aktivitéite baussent der Schoul, der Offer vun Infrastrukture fir Sport a Kultur, der Waasserwirtschaft an dem Offall, dem Etat civil asw.

Jiddereen, deen d'Lëtzebuenger Nationalitéit huet, gëtt, esoubal e groussjäreg ass, automatesch an d'Wielerlëscht vu senger Gemeng agedroen a muss wíele goen. Wíen iwwer 18 ass an zënter op d'mannst fënnf Joer zu Lëtzebuerg wunnt, kann och bei de Gemengewale mat wíele goen, egal wat fir eng Nationalitéit en huet. An deem Fall muss ee sech, ier ee fir d'éischte Kéier wéll wíele goen, op d'mannst dräi Méint virun de Wale an d'Wielerlëscht vu senger Gemeng aschreiwén. Dat kann een elektronesch iwwer guichet.lu maachen oder direkt am Biergerzenter vu senger Gemeng. Opgepasst! Och wann ee sech scho fir d'Europawale ageschriwwen hutt, heescht dat net, datt een och fir d'Gemengewale agedroen ass! Esoubal een op der Lëscht steet, ass Wíelegoen obligatoresch! Et kann ee sech och als Kandidat opsetze bei de Gemengewale, wann een op d'mannst scho sechs Méint an där Gemeng wunnt.

Et gëtt zwee Walsystemer, jee no Gréisst vun der Gemeng:

De Majorzsystem an de Gemenge mat manner wéi 3.000 Awunner, wou eenzel Kandidate sech fir d'Wal presentéieren.

De Proporzsystem an de Gemenge mat méi wéi 3.000 Awunner. Hei proposéieren déi politesch Gruppéierunge jee eng Lëscht mat hire Kandidaten.

De Wíeler ka seng Sëmmen op dräi verschidde Manéiere verdeelen: E kann eng ganz Lëscht oder verschidde Kandidaten op enger Lëscht oder verschidde Kandidaten op verschidde Lëschte wíelen – dëst nennt sech „panaschéieren“.

D'Gemengewale si wichteg zu Lëtzebuerg, well d'Bierger hei op ganz konkreet Aart a Weis hir Liewenssituatioun kénne beaflossen. D'Gemenge sinn also déi Plaz, wou eng biergerno Demokratie gelíeft gëtt.